Zu Gast

Sozial Wunnenge sozial verdeelen!

De Roland Houtsch ass Parlamentaresche Sekretär ADR

Lëtzebuerg huet net genuch Sozialwunnengen ze verlounen. Déi si gesicht vu Leit mat engem Verdéngscht, deen den Dram, Proprietär ze ginn, onméiglech mécht. Esou Objete sollte sozial a gerecht, fir jiddereen novollzéibar, verdeelt ginn, also net nom rezent vun der LSAP proposéierte 50:50-Modell.

D'ADR huet schonn dacks kritiséiert, datt et bei de Waardelëschten un Transparenz feelt, an datt Leit vertréischt ginn a kee geneeën Zäitpunkt genannt kréien, wéini si domat kënne rechnen.

Et ass net einfach, de Besoine gerecht ze ginn. Dee Bedarf wiesselt, an d'Wunneng muss un e Stot ugepasst ginn, och wa sech d'finanziell Situatioun net verbessert. Beispill: eng eleng erzéiend Mamm, déi de Mindestloun verdéngt, mat engem Bouf an engem Meedchen. Wéi laang ass et zoumuttbar, datt d'Kanner sech een Zëmmer deelen? Mussen d'Kanner (oder d'Mamm mam Meedchen) an engem Bett schlofen? Wéivill Raum brauch dës Famill, fir dat Kanner ongestéiert léiere kënnen? D'Iwwerleeung gëllt och fir Pappen, déi hir Kanner, déi bei der Mamm liewen, wëlle bei sech hunn.

Et geet net drëm, e puer Dausend Wunnengen op e puer dausend Leit ze verdeelen, mee dat muss och nach adäquat de séier ännerende Besoinen no geschéien. Eleng erzéiend a getrennte Familllje si beileiwe net eleng am Fall. Fir eng éierbar Wunneng net ze wäit vun der Aarbecht ewech ze louen, brauchen och jonk Leit, déi ufänken ze schaffen, Leit, déi eng Behënnerung hunn, Leit, déi an Aarbechtsmoossname sinn oder Revis kréien an engem Wunnengsproprietär kee CDI als Akommesgarantie kënne weisen, eeler Leit mat klenger Pensioun, Familllje mat ville Kanner an all anerer berécksiichtegt ginn, déi um normale Wunnengsmaart Raute musse wénken. Net ze vergiessen, déi ronn 50 000 Lëtzebuerger, déi hannert de Grenze vum Land wunnen. Vill vun hinne géinge gär hei am Land wunnen, wa si sech dat kéinte leeschten.

D'Kand läit am Pëtz. Dat eenzegt, wat an dëser Situatioun hëlleft, ass massiv Wunnengen ze bauen a probéieren, de Wuesstem vun eiser Bevëlkerung an de Gréff ze kréien. Joer fir Joer kommen nach ëmmer vill méi Leit am Land bäi, wéi Wunnunitéite gebaut ginn.

Elo zu de Leit, déi hei am Land Schutz gefrot hunn. 40 Prozent vun deenen, déi internationale Schutz kritt hunn, liewen a Foyeren. Si fannen um fräie Marché keng Wunneng an dacks och keng Aarbecht, mat där si sech dës kéinte leeschten. Entspriechend der Krichsflüchtlingskonventioun sinn der vill nëmmen zäitweileg hei a sollen nom Krich nees heemgoen. Anerer däerfen hir Famillje nokomme loossen, an déi sinn dacks méi grouss, wéi mir dat hei gewinnt sinn. Et gëtt scho Kloen, datt d'Verwalter vun etlechen nei gebaute soziale Wunnenge Residente soen, datt déi fir Leit mat Asyl reservéiert sinn.

Dofir ass d'Propositioun vun der LSAP, „géint de Sozialnäid" Wunnenge 50:50 op Residenten a Refugiéen opzedeelen, evident falsch. Well si zwar transparent awer net gerecht ass. Well si déi Benodeelegt, déi scho laang op enger Waardelëscht sinn, an aneren direkt eng Wunneng gëtt. Well si mécht, wéi wann net méi Lëtzebuerger a Residenten Hëllef bei enger Wunneng bräichten, wéi "Bénéficiaires de protection internationale". Well si vergësst, datt BPI an deene mannste Fäll esou eng Wunneng kéinten zum sozialen Taux bezuelen an dës also gratis kréien. A well dee Manöver do ass, fir méi Asyl-Sichender a Strukturen ënnerzebréngen, déi am Ament vu BPI ouni Wunneng beluecht sinn. Dat, fir datt de Bausseminister Asselborn eleng an Europa seng stur Wëllkommenshaltung, déi an de Chaos féiert, ausliewe kann.

D'ADR wëll keng Benodeelegung vu Residenten, déi eng Sozialwunneng zu Lëtzebuerg sichen, fir Plaz fir Leit mat Asyl ze maachen. **Roland Houtsch**